# Net babblen!

**Löschtegt Niklosstöckchen.**

(Am Besch leît den Ho'secker schwe'er beluode um Buodem a re'ert kèng Oder me'. Zwe' Bo'wen, Rob a Nik, komme leschteg durch de Besch sangen, gesin op émol dé Mann, erfe'ren... halen direkt op mat sangen.)

*Rob:* Hei, En do'dege Mann!

*Nik:* Mei Gott, jo, en ass do't.
(De Rob huot e schons gemustert a mat der Hand geholl, de Nik ass me' schei an hält sech me' ewèg.)

*Rob:* Hien ass nach net do't, seng Hänn sin nach wârm.

*Nik:* Et wèrd en âlen Hêschemann sin, dé schwâch gefall ass. (Kuckt me' no.)

*Rob:* (Jeitzt ganz hârt an enger Fréd.) Ha, 't ass den Ho'secker, dé richtegen Ho'secker! Kuck seng Hatt mat de Rudden! Ha, hei huot en eng Biscuitskescht!

*Nik:* Ma da sief dach nemen um Gotteswölle ro'heg! Ech mèngen och et wär den Ho'secker! A wann et e senger Liewen ass!!

*Rob:* Ha, dat get elo Jux! Hätt ech elo den Xax an de Flöpp hei, wat ge'f dat e Gaudium! Wêsst de wat, ech huolen em elo emol eng gutt Parti of vu senge Sâchen, da get e me' lîcht a kent e vleicht erem virun.

*Nik:* Wölls de stëll halen, du frèche Kèrel! Lôsse mer dem Mann hellefen! Le'sst d'elo alles leien! Du De'f! Rob, du bass grob! Hätte mer Wâsser, fir em d'Stir ofzekillen!

*Rob:* Hei, wat e le'we Krankebrudder ass de Niki! (Huot d'Biscuitskescht schons op an esst dichteg, hält dem Niki e Kichelchen dur.; Nickelchen, e Stickelchen, wie, Hihi!!

*Nik:* O du onverschimte Gâssebo'f! 'T ass fir d'lèscht dass ech mat dir eraus gin! Ech gin elèng Wâsser sichen, do bei dé Bîrchen! (Gêt of.)

*Rob:* Elo get sech emol no alle No'ten de Gudden ugedon. Ma dat ass iech eng delicat Wuor heiannen! Biscuits de Reims! Nên: Biscuits de Ho'secker! Prima! Mei Gott, ob ech s'iéssen oder ên aneren, et ass de Kichelcher d'sèlwegt...

*Nik:* (kent mat Wâsser a sengem Hutt, et lêft alt ennen eraus.) Rob, komm hellef mer e wäschen!

*Rob:* O mâch du dat, ech kucke nach wat ennen an der Kescht leît.

*Nik:* (wäscht em d'Stir.) Komm, e bewégt sech.

*Rob:* Ah, da muss ech lafen! (Sètzt se'er d'Kescht erem hannescht.)

*Den Ho'secker:* Aaaa! (Rîcht de Kapp op, kuckt em sech.) Kanner, et war mer schlecht gin!!

*Nik:* Ass et dann elo erem besser?

*Ho'secker:* Jo, vill besser! Lôsst mech opstoen! (Hie stêt op, de Nik helleft.) Jo, Kanner, et get ê bal âl! Et huot ên dèr Joren schons eso'vill am Regeschter, ob eng Ke'er gêt et net me'... Mei Mêschter, de Kléschen, wöllt mech jo gur net pènsione'eren ...

*Nik:* Wat ge'fen dann d'Kanner soen, wa kên Ho'secker me' wär?

*Ho'secker:* Ja, lôsse mer dat bècht hoffen. Kanner, dir huot mer wîrklech gehollef, ech wöll iech duorfir belo'nen. Ech weisen iech, wat nach kê Kand gesin huot: Ennert enger Bedingong: Kèngem Mensch nie a nimmer èppes dervun ze soen!...

*Rob:* Ech soe neischt.

*Nik:* Ech a kèngem Fall.

*Ho'secker:* Kanner, èr Hand! (Hien hölt hir Hand, kuckt se schârf a sét vir: Ech halen de Mond, ech soe neischt, ech verroden den Ho'secker net, et mag och komme wat wöllt. Sie soen him dat no.) Da kommt, Jongen. (Of mat dénen zwe'n. — Vu lenks kommen op den Ze'wen 2 Englen eran.)

*1. Engel:* Mei Gott, a we' kann den Ho'secker awer eso' domm sin! Bo'wen sei Lager a seng Fabrik ze weisen!

*2. Engel:* Wat soll da sin, de' zwe' wèrde neischt ausbabbeln.

*1. Engel:* Net babbeln? Huos du schons e Kand gesin, dat de Mond kann halen?

*2. Engel:* Ha, wann ê vun en eis ge'f verroden!

*1. Engel:* Elo kommen se, hurteg op d'Seit... !D'Engle verschwannen. De' zwe' Bo'we kommen op d'Bün gesprongen.)

*Nik:* Ha, Jong, geseist du! Eso' èppes hun ech nach net gesin!

*Rob:* Hahaha! Dat get Jux! (En danzt ronderemer a rifft an engem fort. Ha' dat get Jux! — Vu Fèren he'ert ên eng Band Bo'we sangen.)

*Rob:* Elo kent Hellef! A la bonne heure! (danzt ronderemer.)

*Nik:* Rob! Rob! Huol dech an uocht! Huol dech an uocht! Jong, hal de Mond!!

*Rob:* Hahaha! (Rifft hârt:) Hè Philipp! Hè Xavi!! Kommt emol hier!!

*Nik:* O Jong, Jong! (De' ganz Band kent op d'Bün, d'Hänn an der Täsch, d'Kapen um O'er, Kapen aus Nuosschnappecher um Kapp, deck Bènglen ennert den Ärm.)

*Rob:* (Stèllt sech richteg a Positur.) Jongen, ech wêss èppes Flottes.

*Nik:* Hälst du de Mond!

*Rob:* Hahaha! Ech wêss èppes! Ganz, ganz Sche'nes!

*Philipp:* Ma da so et, Schwipps!

*Nik:* So et net, Robert, du wêss jo. (E biedelt:) Net, du sés et net! Robert, so et net!!

*Xav:* A wat soll dat da sin?

*Philipp:* Wuorfir soll hien et da net soen!

*Jèmp:* De Niki huot eng gestîcht.

*Philipp:* Wat huot de Niki da gestîcht?

*Rob:* Neischt vum Niki! Eppes vum ...

*Nik:* Robert, ech bieden dech, hal de Mond!

*Xav:* Dat muss dach èppes Extraes sin!

*Rob:* Helleft der mer, wann ech et soen?

*Allegur:* Mir hellefen! Ha, et get Krich! Eraus mat der Farw!

*Nik:* Aremse'lege Kèrel! Bass net emstand eng Grimmel de Mond ze halen!

*Rob:* Jongen, ech wêss wo' den Ho'secker sei Boutique huot!

*All:* O! O! O!

*Philipp:* Ech gléwen et net!

*Xav:* Ech och net! — Ma wo' dann?

*Nik:* (ganz hârt, we' an der Angscht:) Robert, so et net!

*Rob:* An ech soen et! Kommt Jongen, ech weisen iech, da plönnere mir!

*Nik:* O J O! O!

(De Rob wöllt mat hinnen no rechts ausfuhren, fir dem Ho'secker alles ze huolen.)

*Ho'secker:* (kent mat enger gro'sser Flent op d'Bo'we lass a rifft:) Halt, dir De'f! Halt! (Sie reisse vif aus, ên tröllt iwert dén aneren — Den Ho'secker krit de Rob mat der Box.) Ha! Du deierlech Zong! Bass net emstand de Mond ze halen: Hopp! Op d'Kne'e gesiés!

*Rob:* O, Hèr Ho'secker, lôsst mech nach eng Ke'er lafen, et get mer schons eso' deierlech am Mo!

*Ho'secker:* Meng Biscuiten huos du giés! Nu rènn durch de Besch, drei Stonne lâng a jeitz an engem Steck: We' hun ech de Bauch eso' we'!

*Rob:* (fängt gleich un) Au! We' hun ech de Bauch eso' we'! Au! Au!

*Ho'secker:* Hopp, dass de ganze Besch dech he'ert! Ronderem des Plâtz.

*Rob:* (Et he'ert ên en emmer me' weit, dann erem me' no...)

*Ho'secker:* (zum Niklas) Do huos du der e schlechte Komerod gesicht...

*Nik:* Et wèrd em dach neischt din, Hèr Ho'secker!

*Ho'secker:* Sief du net am Lêd, lôss e neme gewärden! — Bleif du nach lei, du solls nach èppes gesin, wat nach kê Kand gesin huot. Setz dech dur an den Eck, hannert dé Strauch, a verhal dech ganz ro'eg! Fal deng Hänn a pips net!

*Vu Fèren:* Au, we' hun ech mei Bauch eso' we'!

*1. Engel:* Wat dén e Gejeitz durch de Besch fe'ert!

*2. Engel:* Ja, et muss dém schlecht sin.

*1. Engel:* A wat soll dé giés hun!

*2. Engel:* Et wèrd ê vun dénen 2 Bo'we sin vun elo e'neschter... Lôsse mir eis Sâchen hier sètzen. (Et he'ert ê Musek.)

*1. Engel:* Mei Gott, lo kent den Hèllege schons! Mir hun ons verspe't! E wèrd dach net jeitzen. Wo' ass sei Stull? Se'er! (De Klésche kent mam Ho'secker am Gespre'ch.)

*Ho'secker:* Ja, Mêschter, dir mèngt dat eso', ech gin eso' wacklech op de Bên, a mat Zeite schle't mer èppes op d'Hèrz, ech soen iech, dat Denge gêt mer net me'... Virun enger $^1/_4$ Stonn...

*St. Nikléschen:* Ech wêss, Ho'secker, ech wêss alles! Ma so emol, wat ge'f ech o'ne' dech mâchen?

*Ho'secker:* Huolt iech e puor Honnert Engle me' aus dem Himmel!

*Nikléschen:* Mei Gott, ech sin eso' mat dir gewint, ech ka mech ob dech verlôssen, an da nu gef net be's: Et soll ên net emmer so' so'ren a keimen. Ech sin och schons âl.

*Ho'secker:* Meng Pènsio'n...

*Nikléschen:* Deng Pènsio'n! Pènsio'n! A wuor gings du dann de' verziéren? Du a me'sseg sin! Jé, jé! Mir kènnen eis, Bèschten. Schlo der de' Gedanken aus dem Kapp! Leschteg virun, an da so mer mol: Wat get Neies op denger Tournée?

*Ho'secker:* D'Kanner gefale mer net me'!

*Nikléschen:* O! O! O! Was de net sés!!

*Ho'secker:* Jé, ech ka net alles soen! Ma ênt ass secher: D'Kanner sin net me' we' fre'er! Ech hat elo grad bal eng Band mausdo't geschoss.

*Vu Fèren:* Au, we' hun ech mei Bauch eso' we'!!

*Nikléschen:* Dat huos de gutt gemat, Ho'secker! Lôss e neme jeitzen... We' gêt et da mat de Geschäften?

(Eng ganz Band Engle kommen eran, klènger a gro'sser, mat allerhand Sâche beluoden, de' virun de Niklos nidderléen. Sie sangen:)
(Melodie: Nun ist Nikolausabend da!)

Aus dem Himmel fle'e mir
Virun eng klèng Kannerdir.
Trala, trala tradiradira,
Wat get dat en Hopsassa!

Männchen, Pöppchen, danzt mol sche'n,
Wescht dem Kand seng batter Tre'n.
Trala, trala tradiradira,
Wat get dat en Hopsassa!

Döppche kach eng Wonnerzopp,
Rull mein Zug, fal net op d'Kopp!
Trala, trala tradiradira,
Wat get dat en Hopsassa!

Kichelchen an Hackernöss,
O, wann d'Kand schons alles wöss,
Trala, trala tradiradira,
Wat get dat en Hopsassa!

Schlof mei Kand, siéf le'w a fro'
Himmelsgleck, dat flitt dir zo'.
Trala, trala tradiradira,
Wat get dat en Hopsassa!

*St. Nikléschen:* Geseis de, Ho'secker, de' hun anere Courage we's du! Komm emol hir, du klènge Cherubim, so mer emol wat deng Könnercher mâchen!

*Cherubim:* Sie sangen a sprangen de ganzen Dâg
A rullen a wänzle bei der Bâch;
Sie babblen a schnabble we' d'Fullen um Bâm
A ploe mam Kléschen hir areme Mamm.
Sie drême vu wonnersche'n Sâchen all Nuocht
An hätte gèr Wén voll op d'Tèllere bruocht.
Sie falen hir Hänn an hir Hèrzer hu mir.
Eis Kanner si brav, dat mèlden ech dir.

*St. Nikléschen:* Dat gefällt mer, mein Engel. Geseis du, Ho'secker!

*Ho'secker:* Da lauschter och emol de' aner Klack.

*Vu Fèren:* We' hun ech mei Bauch eso' we'!!

*Ho'secker:* He'erst de, Mêschter?

*St. Nikléschen:* Wat wêss du, Seraphim?

*Seraphim:* Ech hun op der Welt schons vill Kanner fond,
De' dènken un neischt, we' un de Mond.
Zocker a Kuchen, vill Huneg a Schmant
Et ass hirt ganzt Liewen, dat ass bekannt.
An de Mond, le'we Kléschen, dé kritt gur kèng Ro'
Nemen am Schlofen bleift hien en zo'.
Kanner, de' babbelen alles eraus
An duorfir breng hinne Kleischter an d'Haus.

*Vu Fèren:* We' hun ech mei Bauch eso' we'!!

*Ho'secker:* A la bonne heure! So' ass et grad! Du huos Recht, klènge le'we Séraphim!

*St. Nikléschen:* Also', ech soll hinne Kleischter droen, dass hir Mammen e könnten d'Mondstecker mat Zeiten zo'sperren?

*Ho'secker:* Ojé, dat ge'f e Jux! Da gese'ch ên s'all doremer lafen, e Klauschter enner der Nuos! Dat wär jo artlech. An da misst eng Parti Schlössele verluor goen!

*St. Nikléschen:* Nujé, alt e bessche luos.

*Ho'secker:* Ech wêss we' se sin!

*Vu Fèren:* We' hun ech mei Bauch eso' we'!!

*Ho'secker:* Soll ech dé Borscht emol erbei brengen, Mêschter? Dir ge'ft em de Mo emol ennersichen.

*St. Nikléschen:* Beileiwe net! Eso' ên, dé net emstand ass, sei Mond fir eng Minutt am Zâm ze halen, soll net de' Fréd kre'en, mech ze gesin! Mâch du dech mat him fèrdeg! Ech muss an den Himmel kucke goen, we' et am Poppenatelier ausgeseit! We' ass et mam Ballon, Ho'secker?

*Ho'secker:* Ah Mêschter, ech klamme net dran, beileiwe net.

*St. Nikléschen:* Brauchs och net — ech fuoren elèng, an enger Stonn sin ech erem hei. Drot elo alles ennert de Buodem! (De Niklésche stêt op.) Gott sén iech, dir Kanner, am Himmel dènken ech un iech all.

*(D'Engle* fe'eren en zur Dir aus a verneipen sech. — Da raumen s'of mat alle Sâchen a sangen derzo' hirt Lidd: Aus dem Himmel fle'e mir... Dann all of.)

*Niki:* (Kent aus dem Eck eraus.) Ei! Ei! Ei! Hei stung en! Hei gung en! Hie sèlwer! We' sche'n! Himmlisch sche'n! An de' Englen! Ah! ech wèrd dat nie vergiéssen! We' gutt, dass ech de Modn gehal!

*Rob:* (Kent op d'Bün.) Mei Bauch! Mei Bauch! We' hun ech mei Bauch eso' we'!!

*Nik:* (Fängt hârt un ze lâchen.) Ha Jong! huos du et elo mat dengem domme Mond! Ech hun de Kléschen a seng Engle gesin! Ech hun

e nogelauschtert. Robert, ech war am Himmel! Do stung en! Hei gung en! O Robert, häss du dat gesin!

*Rob:* Mei Gott, do kent en erem! (Den Ho'secker kent, de Rob wöllt fortlafen.)

*Nik:* Ho'secker, mâch em de Mo erem an d'Rei! Net Ho'secker!

*Ho'secker:* Da komm emol heihin, Schnabbelhannes! Reiss emol de Schniewel op an huol dat Pudder hei ân.

*Rob:* Niki, hie vergeft mech! Hie vergeft mech!

*Niki:* Domme Kluof, hal stall! (De Rob hält stall, e schleckt de Pudder mat Gegurgel a Geso'ers of.)

*Rob:* Wîrklech! Elo ass de Bauchwe' vergâng! (Sprengt of.)

*Ho'secker:* So', nu mâch dech hêm! (Zum Niki.) An du mei Jong, kriss nach èppes mat. (Bréngt e Kuorf, dé ganz sche'n mat Ro'se garne'ert ass, voll mat sche'ne Sâchen.) Elo spills du mol Kléschen! Den Owend, wann alles schle'ft, gês du bei d'Heiser vun den ârme Kanner, an du déls hinnen aus, was de wölls, du bass dann en Engel gin. — An dat allersche'nst, wat nach kê Kand kritt huot, leît ennen dran fir dech. Dat wèrd dei Gleck sin, dei Liewe lâng! Awer neischt gesot, de Mond gehâl! Net babblen!!

*Rob:* Wîrklech, elo ass de Bauchwe' vergângen. Ma dén hei wèrd de Mond lo halen! Eddi a merci!

*Ho'secker:* (zum Niki.) So', de' wär zwêmol kure'ert. An du, mei Jong, kriss nach èppes mat. Elo spills du mol Kléschen! Du höls dé Kuorf hei mat hêm, et sin elauter sche' Sâchen dran. An elo wöll ech dech nach eng Ke'er probe'ren! Du höls de Kuorf mat hêm, sètz en op den Nuotsdech bei dei Bett, awer du därfs neischt draus huolen! Owes, wann de Kléschen eraus gêt, de 5. Dezember kens d'erem hier an dann därfs du mam Klésche goen d'Sâchen ausdélen. Dir git bei all arem Kanner aus dem Duorf an drot hinne lauter sche' Sâchen!

*Niki:* Dârf ech wîrklech mam Klésche goen!!

*Ho'secker:* Wanns de bis dann net babbels an net kucks wat am Kuorf ass.

*Niki:* Secher net, Hèr Ho'secker, babblen a firwetze kènnen ech net! (of.)

*Ho'secker:* Elo get et awer Zeit, dass ech nom Bâckuowe kucken, emstand d'Kuchemännercher si mer schons ugebrannt. (of.)
(Op der aner Seit kommen zwê klèng Médercher eran.)

*Triny:* Ei, Triny, so mol, we' richt et hei so' gutt!

*Triny:* Ma jo, no fresche Kuchemännercher!

*Lili:* Soll dem Klésche sei Bâckuowen vleicht net weit ewèg sin?

*Triny:* Wo' kanns du eso' èppes dènken? Da misst de Papa, dén Holz am Besch hét, jo schons èppes gesin hun.

*Lili:* Da kuck emol. (fönd e Kichelchen.) Hei ass de Kléschen oder den Ho'secker passe'ert.

*Triny:* Komm, mer lafe se'er dem Papp de Kaffi droen! Wann den Ho'-secker ke'm!

*Lili:* Dén déng eis neischt, wir biede jo all Owend. Ech hätt dem Kléschen nawèll èppes ze soen!

*Triny:* Ja, wann de Klésche ke'm!

*Lili:* Hei, kuck, kanns du liésen?

*Triny:* (bustave'ert) Kléschensklause!

*Lili:* Do gêt d'Dir an, fir bei de Kléschen!

*Triny:* Mèngs du?

*Lili:* Ganz secher! Lo get dat eng flott Affär! Am Plâtz eise Bre'f ze schreiwen, soe mir him en.

*Triny:* A wann e ke'm!

*Lili:* Ei, ech ge'f en eso' gère gesin!

*Triny:* Mir soen him awer neischt, dass de Max gescht der Mamm d'Rahm all gedronk hat!

*Lili:* An ech soen et.

*Triny:* Lili, du bass eng Babblesch! Et ass net sche'n, wann ên dén aneren unhänkt. Wann en dech da ge'f emmer unhänken! So neischt vum Max vun der Rahm, net!

*Lili:* Dajé, da soen ech neischt vun der Rahm, ma vun de Rauten, de' e gebrach, soen ech. De Klésche könnt sech nach dra schneiden. En hat mech awer mam Hoer gerappt. So emol, ech mèngen, et huot èppes getreppelt.

*Triny:* O, Lili! Komm, mer setzen eis op d'Kne'en. (setzen sech.) Fänk du un.

*Lili:* Du fal deng Hänn sche'n!
(Jidwer Kand sét ofwiéselnd zwo' Reihen:)

*Lili:* Le'we Kléschen, gudde Kléschen, so mol, kens du nach net bal?
Dengem klènge ,braven Hiésche gi vum Warden d'Ze'we kal.

*Triny:* Fle' an all deng gro'ss Fabriken, pâck sche'n ân, dat wat der hutt:
Poppe, Pèrdchen, Balle, Jicken, Autos, Flenten, mè kèng Rutt.

*Lili:* Lôss d'le'ft Jesuskendche sénen, was du matbrengs op des Welt,
So, et soll de' Nuocht net rénen, dass neischt an de Revers fällt.

*Triny:* Bass du kal, da komm bei dFeier, kuck, am Uowe brènnt et nach,
An du fönnst och mei Papeier a meng Popp, de' d'Bê gebrach.

*Lili:* Dèck dein Iésel sche' gutt warem, wèll et zitt hei an der Gâss,
Huol zwe'n Englen an den Arem, dass d'net fälls, soss ges du nâss.

*Triny:* Dengem Ho'secker, dém èllnen, kaf e Wanterpelzkostüm,
e gutt warmen an e wöllnen; och e lânge, bréde Rimm.

*Lili:* Schneit dech net an onse Rauten, onse Max — — —

*Triny:* Neischt vum Max, Lili...

*Lili:* Hief kèng Angscht, ech soen neischt zuvill.
Schneit dech net an onse Rauten, onse Max huot drageschlon,
'T hat gerabbelt a gelauten, d'Mamm de' sot, ech soll der 't son.

*Triny:* Huos de neischt an denge Keschten, wann ên d'Zänn huot schrècklech we'?
Bändche, fir meng Popp ze reschten? Wèll ech hu kèng Grimmel me'.

*Lili:* Meng le'f Mamm huot sech geschnidden, o et ass eng èlle Wonn!
Wat eng Peng huot sie gelidden! Gèlt, du héls se op der Stonn.

*Triny:* Onse Max, dén decke ronnen, huot e Wonnerappetit,
N'ass wuol wibbleg a verbonnen, mè gèldu, vergiéss e net.

*Lili:* Papa fömmt sei gudde Kliéfchen, an der Fotell gèr a Ro'.
Eng sche' Peif, mat göldnem Rêfche breng him, gef och Tubak zo'.

*Lili* an *Triny:* Lo hu mir genug gebabbelt, wèll du huos lo net vill Zeit.
All Minutt de Telefon rabbelt. O, wat bass du lo geheit!

*Lili:* Ei, ech duckle mech an d'Kössen, an ech dréme sche' vun dir.

*Triny:* Ge'f ech nemen èppes wössen: Kléschen, so, wat brengst du mir?
(Da gêt d'Dir op an de Klésche kent eran, mat Engeln.)

*Triny* a *Lili:* (Gin zreck, biede ganz hârt:) Jesulein, Schutzengel mein.
Guter Nikolaus, komm in unser Haus. — — —

Nikléschen: A wat fir zwê feiner Könnercher hu mir hei? D'Lili an d'Triny, de' droen dem Papp de Kaffe'! An dohém hun se nach en decke ronne Max, dén der Mamm un d'Rahm war.

*Triny:* Et war awer net me' vill am Döppen, Hèr Nikolaus, d'Mamm hat fresch gerompt.

*Nikléschen:* Ja! Ja! Ech wêss alles! Meng Englen! Mein Ho'secker (kent eran), fiercht net, Kanner, en ass me' gutt we' sche'n. Soll en dem Max eng Rutt brengen?

*Lili:* Nên, Hèr Niklos, de Max ge'f *mech* nach dermat haen!

*Nikléschen:* Ah, ass dat eso' ên? Meija, mir kènnen e jo! Ho'secker, mir kènnen e jo! Wat hu mer vun em am Buch stoen?

*Ho'secker:* (hölt de Regeschter.) Ha, hei hu mer de Kont. Rahm gedronkt, Raute gebrach, mam Hoer gerappt, Box gezrass, Knapp an d'Nuos gestach.

*Triny:* Do hat en awer gejaut, Kléschen, den ârme Schèllem.

*Lili:* Jo, lôsst e goen, huolt e net, d'Mamm sét, d'Sêf vun em ge'f neischt

*Nikléschen:* Nê, Kanner, mir huolen e net. Et ass sche'n, dass der eso' gutt stel hale könnt. Wat sot der da vu mengen Engelcher?

*Triny:* Dé klèngen do huot eso' e le'we Räckelchen.

*Lili:* Wat fir ê mecht dann d'Poppe, Kléschen?

*Nikléschen:* Dat ass dén do! Puck, wat eng sche'n! Häss du se gèr? Soll

*Nikléschen:* Dat ass dén do! Kuck, wat eng sche'n! Häss du se gèr? Soll

*Lili:* Jo, Kléschen!

*Nikléschen:* Ech wêss jo lo wat dir gèr hätt! Dat soll dir kre'en. An elo soen ech iech èppes: Et ass eso' e klèngen Niki hei am Duorf, e flotten Dapp.

*Triny:* Nopesch Niki, Hèr Niklos, dén ass eis lo grad bege'nt.

*Nikléschen:* Meija, dén helleft mer e Freideg den Owend dén areme Kanner èppes an d'Heiser droen. Ging dir och gèr mat?

*Triny* a *Lili:* O, ganz gèr, Hèr Kléschen.

*Nikléschen:* Da kommt der mam Niki an da gi mer zesummen. Nu sot déne gro'sse Leit do, we' fro' d'Kanner sin, wann de Klésche kent!

*Triny* a *Lili:* Le'f, gutt Leit, wann de Klésche kent,
Dén all Kanner an dem Himmel fend.
Wat mir drême vun deser Nuocht,
Huot de Kléschen eis muorges bruocht:
Tellren a Kurbeln, voll an der Rei,
Kuchen an Zocker a Spillgezei.
Da get getût, geknalt gesong,
Gedanzt a geflêt, giés a gesprong.
A wann ê Kand am Duorf wär,
Dat net vill krit, sot, hätt dir dat gèr?
Duorfir, de Kléschen a jidder Haus!
Komm, breng en all a lôss kênt aus!

*Nikléschen:* Nê, Kanner, mir lôsse kênt aus. Lo sangen eis Englen nach hirt Lidd an da sprangt der hêm bis Freideg den Owend.

(*D'Engeln* sangen: Aus dem Himmel fle'e mir. Lenks a rechts vun der Bün huolen d'Kanner de Refrain of.)